PIRATEN

Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Digitalisatioun, Interieur & Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Wéi d'Plattform heise.de an engem Artikel vum 1. Mäerz 2019 beriicht, hu Gemengen an Däitschland op Problemer mat Windows-Betribssystemer an ëffentleche Verwaltungen opmierksam gemaacht. Et solle Schwieregkeete ginn fir d'Sécherheet vun den Donnéeën ze garantéieren, well Windows Notzerdate zu all Zäitpunkt un hir Serveren an den USA schécke kann. An Informatikerkreeser sinn d'Schwächten an d'Gefore vu Windows-Betribssystemer a Programmer scho säit laangem bekannt; Windowslizenze kaschte Geld, bidde keen effektiven Dateschutz, sinn immens ufälleg fir Malware a reperkutéieren domadder déi national Souveränitéit iwwer digital Donnéeën.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

- Opgelëscht no Ministère an ausgedréckt a Prozent, wéi eng Betribssystemer ginn am ëffentleche Secteur agesat?
- Wéi eng Mesurë benotzt d'Regierung fir sech géint déi uewe genannte Schwächten a Gefore vum Windows Betribssystemer ze schützen? Sinn dës Mesuren als erfollegräich anzestufen?
- Wéi garantéiert d'Regierung, dass vertraulech Dokumenter net duerch Windowsprogrammer op net gewollte Servere kënne kopéiert ginn?
- Wéi eng Virdeeler gesäit d'Regierung am Benotze vun Open Source Léisungen? Wäert d'Regierung beim Ausbau vun der Informatik am ëffentleche Secteur – dorënner och an de Gemengen – Open Source Léisungen virzéien?
- Vu dass d'Regierung aus Lëtzebuerg ee Virreidermodell an der Digitaliséierung maache wëll, ass den Här Minister der Meenung, dass d'Regierung méi Efforte maache misst, fir zumindest am ëffentleche Secteur de Gebrauch vun alternative Betribssystemer ze förderen? Wéi eng Efforte sinn an dësem Beräich scho konkret gemaacht ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député